
# Par Parc Our Saint-Nicolas




## Advent a Chrëschtdag

## 2024

**Parbréif Nr 8/2024**

**30. November 2024— 19. Januar 2025**

*Foto: Jeannot Gillen – Krëppchen vun Eesbech*




## All deene villen benevolen Matarbechter/Innen aus der Par en häerzleche Merci !

Mir soen all deenen, déi sech éierenamtlech an der Par, an eise Réit, Équipen a Veräiner, bei der Liturgie, der Kateches an der Diakonie oder beim Parbréif engagéieren, een ganz häerzleche Merci, och besonnesch deenen, déi fir Chrëschtdag déi schéin Krëppercher an eise Kierchen opriichten. Si hëllefen äis eise Glawen ze bezeien an en eise Gemeinschaften lieweg ze halen a virun ze ginn. Mir wënschen hinnen dobäi och an Zukunft vill Freed a Satisfactioun.

## Exultemos de alegria no , porque nasceu na terra o Salvador.

Para evitar que prendamos Jesus nas nossas categorias humanas, marcadas pelo desejo de poder e de prestígio, Deus leva-nos na direção oposta e dá à luz o seu Filho num lugar que é o oposto do seu. Jesus não nasce num palácio real, mas num lugar infame; a notícia não é dada aos chefes dos sacerdotes ou a Herodes, mas a pastores pobres e marginais. Isto já é uma maneira de dizer que a alegria do Natal não tem nada de óbvio. É claro que podemos

alegrar-nos com a família, os amigos e as ocasiões sociais que o Natal nos proporciona, mas celebrar o Natal é antes de mais nada, celebrar o nascimento do Salvador, essa é a nossa verdadeira alegria. E Ele não vem para castigar os que não têm fé, os que não são como nós, mas para nos salvar de nós próprios, dos nossos sonhos de poder e de glória humana. O Natal quebra as nossas pretensões e os nossos corações esclerosados: a alegria infiltra-se e mostra-nos o caminho da felicidade. Regozijemo-nos com o facto de Cristo ser ao mesmo tempo semelhante a nós e tão diferente. Se nos estende a mão, é sempre para nos levar mais longe, para a alegria do Pai, uma alegria que talvez sintamos mas que não conhecemos. Este nascimento do Filho de Deus é a matriz de todo o nascimento espiritual. Por isso, alegremo-nos de verdade: hoje Deus visita o seu povo. Sim, Senhor, verdadeiramente, "tu esbanjaste alegria, fizeste crescer a alegria". Atrai-nos a todos para esta noite de alegria divina! Amém

Um Feliz e Santo Natal à Todos

*Diácono Diego de Lima*


## Kontakt: parc-our@cathol.lu

**Jeannot Gillen** – *Dechen a Moderator*
***Dechenshaus – Presbytère***
45, Grand-Rue – L-9410 Vianden
📞 83 41 13 / 621 14 72 25
✉ jeannot.gillen@cathol.lu
**Carlos Romário Arnold** – *Paschtouer*
18, Kräizgaass – L-9807 Hosingen
📞 92 13 45 / 621 83 54 69
✉ carnold2@freenet.de

**Jürgen Kusch** – *Diakon*
📞 621 19 98 22
✉ juergen.kusch@cathol.lu
**Diego De LIma** – *Diakon*
📞 661 26 20 62
✉ diego.delima@cathol.lu
Homepage:
***https://cathol.lu/parc-our***

***Parbüro Veianen –***
***Bureau paroissial à Vianden***
**Mandy Hofmann** – *Parsekretärin*
45, Grand-Rue – L-9410 Vianden
📞 83 41 13
✉ parc-our@cathol.lu


| | |
|---|---|
| *Dënsdes / mardi :* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| *Mëttwoch / mercredi:* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| | *16.00 / 18.00 Auer* |
| *Freides / vendredi:* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| | *14.00 / 16.00 Auer* |

# Matdeelungen

## *Parbüro – kuerz Notiz:*

Tëscht dem 23. Dezember 2024 – 7. Januar 2025 ass eise Parbüro zu de Büroszäiten net besat. Bei wichtegen Uleies kënnt Dir gär per Mail op parc-our@cathol-lu schreiwen. Mir äntweren sou séier wei méiglech op Är E-Mail.

## *Bärbelfeier an der SEO am Besucherpavillon (P 5)*
*den 4. Dezember 2024 um 17:00 Auer*

E Mëttwoch, de 4. Dezember 2024 feiere mir nees um 17:00 Auer am Besucherpavillon (P 5) vun der SEO déi traditionnel Mass zu Éier vun der helleger Bärbel, der Schutzpatréinesch vun den Biergleit, als Gedenkmass fir all déi Verstuerwen aus der Bau- a Betriebszeit vun der SEO.

D’Mass gëtt vun de Chorale aus der Gemeng Pëtschent gesongen.

Duerno ass eng Receptioun.

## *Concert*
*vun der Veiner Musik an der Kierch*

E Samsdeg, de 14. Dezember 2024 um 19.30 Auer spillt d’Veiner Musik e Concert an der Kierch.

## *Concert*
*vun der Houser Musik am Centre Culturel zu Housen*

E Sonndeg, de 15. Dezember 2024 um 17.00 Auer spillt d’Houser Musik e Concert am Centre Culturel.

## *Night Vigil*
*op der Place de la Libération zu Houschent*

E Méindeg, de 16. Dezember 2024 ass um 05.45 Auer nees déi traditionnel « Night Vigil » fir un d’Affer vun der Ardennenoffensiv ze denken an déi amerikanesch Befreier ze éieren. Duerno offréiert d’Gemeng Parc Housen eng Agape.

## *Concert – Christmas Special*
## *mat de Young So(u)ls am Centre Culturel zu Housen*

E Samsdeg, de 21. Dezember 2024 um 20.00 Auer spillen d'Young So(u)ls hire Chrëschtconcert am Centre Culturel zu Housen.

## *Wanterconcert*
## *vun der Baastenduerfer Musik an der Kierch*

E Samsdeg, de 21. Dezember 2024 um 19.30 Auer spillt d'Baastenduerfer Musik an de Jugendorchester hire Wanterconcert an der Kierch ënnert de Leedung vun hirem Dirigent Maxim Volgin. Nom Concert invitéieren si Iech ganz häerzlech op e puer gemittlech Stonnen an de Gemengesall, wou fir Iessen an Drénken beschtens gesuergt ass.

## ***Krëppespill** an der Kierch zu Housen*

E Sonndeg, de 22. Dezember 2024 um 16:00 Auer féieren d'Kommiounskanner vun Housen hiert Krëppespill an der Kierch op.

## *Concert*
## *vun der Chorale Trinitaire an der Kierch zu Veianen*

E Freideg, de 03. Januar 2025 vun 16:30 -17:00 Auer ass e Concert bei der Krëpp mat der Chorale Trinitaire a Frënn aus Polen.

## *Dräikinneksconcert*
## *an der Kierch zu Branebuerg*

E Samsdeg, de 11. Januar 2025 um 20:00 Auer séngt de Sängerbond Helvetia vun der Gemeng Tandel hiren Dräikinneksconcert an der Kierch zu Branebuerg zesummen mam Guitarenensembel vun der Diddelenger Musikschoul.

## *Firmvirbereedung an der Par*
## *Préparation à la confirmation*

Vu Januar bis Juni bidde mir eng Firmvirbereedung fir Jugendlecher an Erwuessener ab 16 Joer un. Déi interesséiert sinn, sollen sech am Parbüro mellen.

De janvier a juin nous offrons une préparation à la confirmation dans notre paroisse pour les adolescents et les adultes à partir de 16 ans. Ceux et celles qui sont intéressé(e)s peuvent s'inscrire au secrétariat paroissial

## *Erneierung vum Abonnement fir de Parbréif*

Well d'Abonnement vum Parbréif den 31. Dezember 2024 ofleeft, biede mir Iech, wann Dir dat nach net gemaach hutt, äert Abonnement ze erneieren, andeems Dir fir d'Joer 2025, 15 € fir den normalen Abo an 20 € wenn de Parbréif per Post zu Iech kennt, op de Kont vum

**CGP 06 vun der Par Parc Our Saint-Nicolas**
**BCEELULL IBAN LU71 0019 5055 3949 6000**

mat der Mentioun « Abo Parbréif 2025 » iwwerweist.

Mir soen Iech villmools Merci fir Ären Interessi um Parliewen a Är Ënnerstëtzung.

*Äert Pastoralteam*

## *Réabonnement au bulletin paroissial*

Votre abonnement au bulletin paroissial arrivant à échéance le 31 décembre 2024, nous vous invitons, si vous ne l'avez pas encore fait, à vous réabonner au bulletin paroissial pour l'année 2025 en versant 15 € pour l'abonnement normal, et 20 Eur si le bulletin paroissial vous parvient par courrier, au compte du

**CGP 06 de la paroisse Parc Our Saint-Nicolas**
**BCEELULL IBAN LU71 0019 5055 3949 6000.**

avec la mention « réabonnement au bulletin paroissial 2025 ».

Nous vous remercions vivement de votre intérêt pour la vie de la paroisse et de votre contribution aux frais.

*Votre équipe pastorale*

## *Massbestellungen*

1. D'Massintentiounen mussen **fir d'éischt** am Sekretariat zu Veianen telefonesch (*83 41 13*) oder schrëftlech (per Mail un d'Adress *parc-our@cathol.lu* oder ausgefëlltem Formular) bestallt ginn.
2. **An dann eréischt** kënnt Dir d'Suen op den Kont vun der zoustänniger Kierchefabrik iwwerweisen.
   Gitt w.e.g. den **Numm**, den **Datum** an d'**Uertschaft** vun der gewënschten **Massintentioun** un.

## *Konten fir d'Iwwerweisungen vun de Massintentiounen*

D'Suen fir d'Massintentiounen kënnen op den jeeweilege Kont vun der kommunaler Kierchefabrik iwwerwise ginn. Gitt w.e.g. den Numm un vun der Massintentioun an deen gewënschten Datum, deen mat dem Sekretariat ofgemaach ginn ass:

Fabrique d'église communale de **Vianden**:
**CGP n°6/Fe n°14: CCPL IBAN LU54 1111 0330 8710 0000**

Fabrique d'église communale de **Parc Hosingen**:
**CGP n°6/Fe n°12: BCEE IBAN LU21 0019 4600 0054 8000**
fir Boukelz, Duerscht, Eesbech, Holztem, Housen, Houschent, Houschter-Déckt, Konstem, Näidsen, Roudersen a Wuelessen

Fabrique d'église communale de **Pütscheid**:
**CGP n°6/Fe n°13: BCEE IBAN LU08 0019 3000 0270 3000**
fir Mierschent an Stolzebuerg

Fabrique d'église communale de **Tandel**:
**CGP n°6/Fe n°15: CCRA IBAN LU63 0090 0000 0302 6432**
fir Baastenduerf, Branebuerg a Furen.

An der ganzer Par gëllen déi nei Tarifer vun eiser Äerzdiözes:

- eng Wiertesmass: 20 €
- eng Sonndesmass: 30 €

Fir d'Begriefnisser an d'Hochzäiten kritt Dir eng demande d'offrande.

Kont vum CPG 06 vun der Par a fir Donen fir d'Parkatechees:

**BCEELULL IBAN LU71 0019 5055 3949 6000**

# Gottesdéngschtuerdnung

## Ufank vum néie Kierchejoer am Liesjoer C
## 1. Adventssonndeg

***1. Lies.: Jer 33, 14-16; 2.Lies.: 1 Thess 3, 12 - 4, 2; Ev.: Lk 21, 25-28.34-36***

***« Wann dat alles awer ufänkt ze geschéien, da riicht iech op an hieft de Kapp, well är Erléisung ass um kommen. »*** *(Lk 21,28)*

Et deet gutt, déi Wierder vun Encouragement aus dem Jesus sengem Mond a schwéiere Momenter ze héieren, wann alles zu Enn ze goe schéngt, well da kënnt hien erëm, fir äis ze retten. Mir kënnen hien mat Freed erwaarden an de Schwieregkeeten a Krisen vun eisem Liewen an an den Dramen vun der Geschicht. Dofir musse mir Uecht doen, datt eis Häerzer net zevill belaascht sinn. Dat erreeche mir, andeems mir waakreg bleiwen a bieden, fir datt eist spirituellt Liewen net aschléift an oberflächlech gëtt, a mir net eis Begeeschterung fir eis Missioun an eis Passioun fir d'Evangelium verléieren. Loosse mir dofir am Advent zesummen bieden: Komm Här Jesus!

| | | |
|---|---|---|
| **Samsdeg, 30.11.2024** | | **Heiliger Andreas,** *Apostel* |
| Baastenduerf | 18:00 | ***Adventsmaart*** |
| **Sonndeg, 01.12.2024** | | |
| Stolzebuerg | 09:00 | Mass |
| Houschent | 09:15 | Mass |
| Housen | 10:30 | Mass als 6. Wochemass fir Albert Ernster |
| *Zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |
| **Méindeg, 02.12.2024** | | |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 03.12.2024** | | **Heiliger Franz Xaver,** *Ordenspriester, Glaubensbote in Indien und Ostasien (+ 1552)* |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass fir d'Famill Junker-Louis |
| **Mëttwoch, 04.12.2024** | | **Heilige Barbara,** *Märtyrerin (+ 306)* |
| Housen | 10:00 | Mass fir Roger Kugener *(Kapell)* |

| | | |
|---|---|---|
| Stolzebuerg | 17:00 | Mass zu Éier vun der helleger Bärbel, Schutzpatréinesch vun de Biergléit, als Gedenkmass fir all déi Verstuerwen aus der Bau- a Betriebszeit vun der SEO, gesonge vun de Choralen aus der Gemeng Pëtschent *(Besucher-pavillon (P5))* |
| **Donneschdeg, 05.12.2024** | | **Heiliger Anno,** *Bischof von Köln (+ 1075)* |
| | | keng Mass |
| **Freideg, 06.12.2024** | | **Heiliger Nikolaus,** *Bischof von Myra (+ um 350)* |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## 2. Adventssonndeg (C)

*Kollekte: « Für das Diözesanwerk ‘Adveniat’*

*(Solidarität mit den Kirchen in Lateinamerika) »*

***1. Lies.: Bar 5, 1-9; 2.Lies.: Phil 1, 4-6.8-11; Ev.: Lk 3, 1-6***

***Maacht dem Här säi Wee prett, maacht seng Pied grued!*** *(Lk 3,4)*

Den Advent ass keng Zäit, wou mir nëmmen passiv op Chrëschtdag waarden. Mir breeden äis op verschidde Manéieren äusserlech mat Liichter, Decoratiounen a Gebäck op dëst grousst Fest vir. Déi wichtegst Virbereedung ass awer déi vun eisem Häerz. De Johannes den Deefer huet vum Herrgott den Optrag kritt, äis dorunner ze erënneren. Dofir rifft hien zur Ëmkéier op. Déi Daf, déi hien verkënnegt ass d’Zeechen vun engem neien Ufank, wou mir äis vun deem fräi maachen, wat falsch a schlecht ass, wat äis belaascht a bedréckt. An Solidaritéit mat deene Klengen an Aarmen an am gemeinsame Gebiet fireneen wiest eis Léift an domat och eis Freed. Esou gi mir prett fir eisen demütegen Kinnek an der Krëpp ze empfänken an dem Herrgott merci ze soen, dee säi Verspriechen bei äis ze kommen an äis ze retten, gehal huet.

| | | |
|---|---|---|
| **Samsdeg, 07.12.2024** | | **Heiliger Ambrosius,** *Bischof von Mailand, Kirchenlehrer (+ 397)* |
| Branebuerg | 18:30 | Virowendmass zu Éieren vun der helleger Cäecilia fir déi lieweg a verstuerwe Memberen vun de Choralen Branebuerg-Laaschent a Baastenduerf, |

| | | |
|---|---|---|
| | | Mass fir Raymond Wahl,<br>Mass fir Willy Migy,<br>laangjàerige President an Dirigent<br>vun der Chorale Branebuerg-Laaschent |
| **Sonndeg, 08.12.2024** | | |
| Furen | 09:00 | Mass fir Jos Schank<br>an fir d'Famill Schank-Genson |
| Houschent | 09:30 | Mass zu Éier vun der helleger Bärbel<br>fir d'Kadetten vun der Houschter Sprëtz,<br>Mass fir Marie a Clemi Kaes-Jans an fir Anna a Marcel Wagener-Richartz |
| Mierschent | 10:30 | Mass als Joermass fir Jeff Bastin,<br>Mass als 6. Wochemass fir Aloyse Nosbusch,<br>Mass als 6. Wochemass fir Albert Lanners,<br>Mass fir d'Familljen Molitor-Gloden<br>a fir Loes-Mersch an fir Lucy Molitor |
| Housen | 10:30 | Mass als 1. Joermass fir Jean-Pierre Bernhard |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-NK | 17:00 | Mass zu Éiren vun der Immaculata<br>mat de Fraen a Mammen Yolanda |
| **Méindeg, 09.12.2024** | | **Hochfest der ohne Erbsünde empfangenen Jungfrau und Gottesmutter Maria** |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 10.12.2024** | | **Heiliger Petrus Fourier,**<br>*Priester, Ordensstifter (+ 1640)* |
| Holztem | 10:45 | Mass |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| **Mëttwoch, 11.12.2024** | | **Heiliger Damasus I.,** *Papst (+ 384)* |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Bëttel | 19:00 | Mass fir Léon a Emilie Petry |

*Massbestellung op E-Mail: parc-our@cathol.lu*

**Donneschdeg, 12.12.2024** **Gedenktag unserer lieben Frau von Guadalupe**

Longsdrëf 19:00 Rorate-Mass
als 3. Joermass fir Hélène Bomann-Faust,
Mass fir d'Verstuerwe
vun der Famill Vaessen-Theis

**Freideg, 13.12.2024** **Heilige Luzia,** *Märtyrerin in Syrakus (+ 304)*
**Heiliger Odilia,** *Gründerin von Odilienberg und Niedermünster im Elsass (+ 720)*

Housen 19:00 Rousekranz *(Kapell)*

## 3. Adventssonndeg
## « Gaudete »

***1. Lies.: Zef 3, 14-17 (14-18a); 2. Lies.: Phil 4, 4-7; Ev.: Lk 3, 10-18***

***D'Leit hunn de Johannes den Täufer gefrot:***
***« Wat solle mir dann elo maachen? »*** *(Lk 3,10)*

Déi Leit, déi bei de Johannes kommen, fir sech deefen ze lossen, froen hien no praktesche Rotschléi a Weeër, fir hir Bezéiung mat hire Matmënschen a mam Herrgott ze erneieren. De Johannes geet op hire Wonsch an a léisst net eleng mat hire Froen. Hien proposéiert hinnen, dem Herrgott säi Wuert an hirem Liewen ze verwierklechen. Et geet dobäi virun allem ëm Gerechtegkeet, Respekt an Deelen. Beim Schenken an beim Deelen solle mir net zielen an rechnen. Dee renzenlose Fridden an déi grenzenlos Léift, déi de Jesus äis bréngt, féieren äis zur grenzenloser Freed vum Evanglium. Loosse mir äis Unrou opginn an dem Herrgott vertrauen, deen duerch äis Guddes iwwert d'Grenzen vun eiser Gerechtegkeet eraus ka maachen.

**Samsdeg, 14.12.2024** **Heiliger Johannes vom Kreuz,**
*Ordenspriester, Kirchenlehrer (+ 1591)*

Wuelessen 18:00 Virowendmass

Baastenduerf 18:00 Virowendmass,
Mass als 6. Wochemass fir Emile Schmit

Veianen 19:30 ***Concert*** vun der Veiner Musik

**Sonndeg, 15.12.2024**

Stolzebuerg 09:00 Mass fir d'Famill Vaessen-Schins

| | | |
|---|---|---|
| Houschent | 09:15 | Mass fir fir Marie a Clemi Kaes-Jans,<br>Mass fir Anna a Marcel Wagener-Richartz |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass fir d'Verstuerwe<br>vun der Famill Jacobsen-Becker,<br>Mass als Stg. fir d'Famill Bertemes-Nanquette |
| **Méindeg, 16.12.2024** | | |
| Houschent | 05:45 | **Night Virgil** |
| Veianen-SA | 10:15 | Wuertgottesdéngscht |
| Holztem | 10:45 | **Chrëschtmass** |
| **Dënsdeg, 17.12.2024** | | **8. Dag viru Chrëschtdag** |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| **Mëttwoch, 18.12.2024** | | **7. Dag viru Chrëschtdag** |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Bëttel | 19:00 | Mass fir d'Verstuerwe<br>vun der Famill Petry-Sauber |
| **Donneschdeg, 19.12.2024** | | **6. Dag viru Chrëschtdag** |
| Laaschent | 19:00 | Mass als Joermass fir Norbert Winandy,<br>Mass fir den Ënnerstëtzer vun der Kierch<br>Pierre Dostert |
| **Freideg, 20.12.2024** | | **5. Dag viru Chrëschtdag** |
| Veianen-SB | 14:30 | **Chrëschtmass**,<br>Mass fir Jaques a Marianne Clees-Marnach,<br>Mass fir Marie-Madeleine a Metty Weyrich<br>a Famill, *uschléissend Chrëschtfeier* |
| Weller | 16:00 | Ouverture vum Chrëschtmaart<br>mat engem Gebietsmoment,<br>ënnert der Matwierkung<br>vun der Chorale vu Mierschent |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

# 4. Adventssonndeg (C)

*Kollekte: «Für die Aufgaben des Papstes im Dienste der Weltkirche.»*

***1. Lies.: Mi 5, 1-4a; 2. Lies.: Hebr 10, 5-10; Ev.: Lk 1, 39-45***

***« Well kuck, wéi ech däi Grouss héieren hunn,***
***huet d'Kand a mengem Schouss sech vu Freed beweegt »*** *(Lk 1,44)*

Wéi d'Maria de Jesus als Retter bei d'Elisabeth an de Johannes bréngt, ginn dës vun enger grousser Freed erfëllt. Si hunn op hien gewaart a si prett, fir hien ze emfänken. Den Herrgott erwaart vun äis, datt mir äis och fir hien opmaachen an him déi éischt Plaz an eisem Häerz ginn. Säi Liewen a seng Freed sollen äis ustiechen, fir datt mir mat senger Hëllef d'Welt besser maachen, andeems mir äis wéi de Jesus an d'Maria an den Déngscht vun deene stellen, déi op eis Solidaritéit an eist Matgefill ugewisen sinn. Loosse mir äis d'Maria an d'Elisabeth als Beispill vu Mënschen huelen, déi sech vir den Herrgott opgemaach hunn an hien a sech wierken gelooss hunn. Da kënne mir äis och mat hinnen iwwert dem Jesus säi Kommen an eis Welt an an eist Liewe freeën.

| | | |
|---|---|---|
| **Samsdeg, 21.12.2024** | | **4. Dag viru Chrëschtdag** |
| Holztem | 17:30 | Virowendmass als 12. Joermass<br>fir Georges Birchen a Pierre Birchen |
| Veianen | 19:00 | Liturgia da palavre |
| Baastenduerf | 19:30 | ***Wanterconcert*** vun der Baastenduerfer Musik |
| **Sonndeg, 22.12.2024** | | **3. Dag viru Chrëschtdag** |
| Furen | 09:00 | Wuertgottesdéngscht |
| Tandel | 10:00 | Gedenkmass fir déi Léit,<br>déi virun 80 Joer am Krich erschoss goufen |
| Housen | 10:30 | Mass als Joermass fir Léon Bourggraff,<br>Mass als Stg. fir d'Famill Dirkes-Maillet |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Wuertgottesdéngscht |
| Housen | 16:00 | **Krëppespill** |
| **Méindeg, 23.12.2024** | | **2. Dag viru Chrëschtdag** |
| | | keng Mass |

# Chrëschtzäit – Temps de Noël

## Helleg Owend – Veillée de Noël

***1. Lies.: 2 Sam 7, 1-5.8b-12.14a.16; Ev.: Lk 1, 67-79***

***Fir iech ass haut an der Davidsstad e Retter op d'Welt komm,***
***hien ass de Christus, den Här.*** *(Lk 2,11)*

An der Däischtert vun dëser Welt mat all hirem Onrecht a Leed ass een hellt Liicht opgeschëngt. Duerch dat Kand, dat d'Maria kritt, a Wëndele wéckelt an an eng Krëpp leet, kuckt den Herrgott selwer äis mat sengem zärtleche a baarmhäerzege Gesiicht un. Et bréngt Hëllef a Gerechtegkeet fir déi Aarm an Ënnerdréckten a Fridden fir déi, déi am Sträit an am Krich liewen. An him eféllt sech d'Hoffnung op d'Verzeiung vun de Sënnen an e Liewen a Fëllt, wou mir als säi Vollek dono striewen, Guddes ze maachen. Esou gëtt den Herrgott am Himmel geéiert an d'Mënschen kënnen op der Äerd a Léift a Fridden zesumme liewen. Déi echt Muecht weist sech an der Doussheet, an der Gedold, am Erbaarmen, am Verschounen an am Déngscht bis zum Verschenken vu sengem Liewen fir déi aner

| | | |
|---|---|---|
| **Dënsdes, 24.12.2024** | | **Leschten Dag virun Chëschtdag** |
| Veianen-SA | 10:15 | **Chrëschtmass**,<br>gesonge vun der Chorale vu Furen |
| Baastenduerf | 16:00 | **Familljemass**,<br>Mass als Joermass fir Jean-Pierre Miller |
| Housen | 18:00 | **Familljemass** |
| Stolzebuerg | 18:00 | **Chrëschtfeier** |
| Wuelessem | 18:00 | **Chrëschtmass** |
| Houschent | 19:15 | **Chrëschtmass**, Mass fir Josy Schroeder<br>a fir Thérèse a Nikela Schroeder-Dimmer,<br>Mass fir Valérie Wagener-Schuller |

*Redaktiounsschluss fir de nächste Parbréif:*

08. November 2024 / parc-our@cathol.lu

Wann Dir Är Massen bestellt, passt wannechgelift op, datt déi nächst Porbréiwer wéi follegt publizéiert ginn. Villmols Merci!

| ***Parbréif*** | ***Period*** | ***Redaktiounsschluss*** |
|---|---|---|
| ***01/2025*** | 18.01.2025 – 23.02.2025 | 21.12.2024 |
| ***02/2025*** | 22.02.2025 – 23.02.2025 | 01.02.2025 |

# Chrëschtdag – Noël

***Héichfest vun der Gebuert vun eiser Här Jesus Christus***
***Nativité du Seigneur***

***1. Lies.: Jes 62, 1-5; 2. Lies.: Apg 13.16-l7.22-25; Ev.: Mt 1, 1-25***

***An d'Wuert ass Fleesch ginn an et huet säin Zelt ënner äis opgeschloen a mir hunn seng Herrlechkeet gesinn, d'Herrlechkeet vun deem, deen eenzeg an eleng aus dem Papp gebuer ginn ass, voll vu Gnod a Wourecht.***

Duerch de Jesus, deen eens mat sengem Papp am Himmel an him gläich ass, sinn d'Gnod an d'Wourecht vum Herrgott an d'Welt komm. De Jesus leet bis zum Schluss virum Pilatus Zeechnes fir dës Gnod a Wourecht of, déi vu villen net erkannt, bekämft an ofgeleent gëtt. Déi, déi se unhuelen an déi un hien gleewen, ginn duerch hien och Kanner vum Herrgott. Duerch si gëtt d'Erneierung vun der Welt nom Plang vum Herrgott méiglech, wou d'Mënschen d'Schëpfung erhalen an de Kontakt mam Schëpfer fleegen.

**Mëttwoch, 25.12.2024**

| | | |
|---|---|---|
| Mierschent | 09:00 | **Chrëschtmass** |
| Housen | 10:30 | **Chrëschtmass**,<br>Mass als 5. Joermass fir Albert Reimen<br>a fir d'Famill Reimen-Freres |
| Veianen - TK | 10:30 | **Chrëschtmass**,<br>Mass als 6. Wochemass fir Charlot Bassing |
| Veianen – TK | 17:00 | **Missa de Natal** |
| **Donneschdeg, 26.12.2024** | | **Stiefesdag**<br>**Heiliger Stephanus,** *erster Märtyrer der Kirche* |
| Furen | 10:00 | Mass zu Éieren vum hellege Stephanus,<br>Mass fir d'Famill Muller-Haag,<br>Mass als Joermass Kayser-Heintz a Mass<br>fir d'Familljen Kayser-Maillet an Heintz-Eiffes,<br>Mass fir Jean-Pierre Theis |
| Eesbech | 10:30 | **Chrëschtmass** |
| Housen | 11:30 | **Daf** vum Leo da Conceicao |
| | 12:15 | **Daf** vum Luisa Isabel Nunes |
| **Freideg, 27.12.2024** | | **Heiliger Johannes,** *Apostel und Evangelist* |
| Walsdrëf | 18:00 | Mass zu Éieren vum hellege Johannes |

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## Fest vun der Helleger Famill
## Fête de la Sainte Famille de Jésus

***1. Lies.: 1 Sam 1, 20-22.24-28; 2. Lies.: 1 Joh 3, 1-2.21-24; Ev.: Lk 2, 41-52***

***De Jesus ass mat hinnen erof op Nazareth gaangen***
***an hie war sengen Elteren ënnerdon.*** *(Lk2,51)*

De Jesus huet Respekt viru sengen Elteren an hien follegt hinnen. Wann hien zu Jerusalem am Tempel matzen ënnert de Léiermeeschteren zeréckbleift, dann ass dat keng Pubertéitskris. De Jesus weist hei eng grouss Räift, eng Fähegkeet, nozelauschteren an eng Intelligenz, déi d'Léiermeeschteren verwonnert. Hien weist eng grouss Fräiheet a geet op Distanz mat sengen Elteren. Well hien ass de Jong vum Papp am Himmel éier hien d'Kand vu sengen Elteren ass. Dësen huet hien geschéckt, fir seng verspreete Kanner ze sammelen. D'Maria an de Jousef mussen léieren, hien lasszeloossen, fir datt hien seng Missioun kann erfëllen.

| | | |
|---|---|---|
| **Samsdeg, 28.12.2024** | | **Fest vun de onschëllege Kanner** |
| Branebuerg | 19:00 | Virowendmass |
| **Sonndeg, 29.12.2024** | | |
| Housen | 10:30 | Wuertgottesdéngscht |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |



| | | |
|---|---|---|
| **Méindeg, 30.12.2024** | | **6. Dag vun der Chrëschtoktav** |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 31.12.2024** | | **7. Dag vun der Chrëschtoktav** |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |

## Neijoersdag – Héichfest vun der Muttergottes Maria
## Nouvel An, Solennité de Sainte Marie, Mère de Dieu

***1. Lies. Num 6, 22-27: Lies.: Gal 4, 4-7; Ev. : Lk 2, 16-21***

***D'Maria huet sech all dës Wierder gemierkt***
***an an hirem Häerz driwwer nogeduecht.*** *(Lk 2,19)*

D'Maria war an hirem Häerz ganz op fir den Herrgott. Si huet de Jesus an hirem Läif emfaangen a fir hien gesuergt. Si huet op hien gelauschtert a si seet och zu äis, datt mir op hien solle lauschteren an dat maachen, wat hien äis seet. Si

lauschtert awer och op dat, wat d'Hierden an de Simeon iwwert de Jesus a si soen. Si léisst déi Wierder op sech wierken an denkt iwwert hire Sënn no. Esou wiest si ëmmer méi déif an hir Missioun, d'Mamm vum Jesus an d'Mamm vun de Mënschen ze sinn, eran. Si hëlleft äis, eis Missioun haut aus eisem Glawen eraus besser ze verstoen a méi konsequent ze liewen, datt hire Jong Jesus och haut duerch äis mat sengem Heel bei d'Mënschen a Nout a Leed komme kann. Dat gëtt dat Neit Joer fir äis all zum Seegen.

**Mëttwoch, 01.01.2025**

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |

**Donneschdeg, 02.01.2025** **Heiliger Basilius der Grosse** *(+ 379) und* **Heiliger Gregor von Nazianz** *(+ 389), Bischöfe und Kirchenlehrer*

**Freideg, 03.01.2025** **Heiligster Name Jesu** **Heilige Irmina,** *Äbtissin (+ 710)*

| | | |
|---|---|---|
| Grooljen | 18:00 | Mass fir Marie Klemmer-Meier, bestallt vum Duerf, Mass fir all Verstuerwe, déi zu Grooljen gewunnt hunn, an/oder hir lescht Rou fonnt hunn. No der Mass ass jiddwereen op een Neijoerschpatt an d'Schoul gelueden. |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## Héichfest Epiphanie – Erscheinung des Herrn
## Epiphanie du Seigneur

*Kollekte: « Für die Ausbildung einheimischer Priester in den jungen Kirchen. »*

***1. Lies. Sir 24, 1-2.8-12 (1-4.12-16); 2. Lies.:; Eph 1, 3-6.15-18 Ev.: Joh 1, 1-18***

***Si sinn niddergefall an hunn d'Kand ugebiet an him hir Gowen iwwerreescht.*** *(Mt 2,11)*

D'Stärendeiter sinn ausser sech vu Freed, wéi si, duerch de Stär geleet, endlech un hirem Ziel ukommen. Si maachen sech kleng a bieden deen neigebuerene Kinnek un. Mat hinnen wëlle mir äis och op de Wee maachen a mat der Hëllef vun der Helleger Schrëft am Jesus eise Kinnek an eist Liicht erkennen a hien ubieden. Mat hire Gowen weisen d'Stärendeiter drop hin, datt de Jesus e Kinnek an de Jong vum Herrgott ass, mee dat hien och leide muss. Domat ass och eise Wee a senger Nofolleg virgezeechent.

| | | |
|---|---|---|
| **Samsdeg, 04.01.2025** | | |
| Baastenduerf | 19:00 | Virowendmass |
| **Sonndeg, 05.01.2025** | | |
| Houschent | 09:15 | Mass |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Wuertgottesdéngscht |
| **Méindeg, 06.01.2025** | | |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 07.01.2025** | | **Heiliger Valentin,** *Bischof von Rätien (+ 5. Jht.)*<br>**Heiliger Raimund von Penafort,**<br>*Ordensgründer (+ 1275)* |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| **Mëttwoch, 08.01.2025** | | **Heiliger Severin,** *Mönch in Norikum (+ 482)* |
| Bëttel | 19:00 | Mass fir Léon a Emilie Petry |
| **Donneschdeg, 09.01.2025** | | **Selige Alex Leclerc,**<br>*Jungfrau und Ordensstifterin (+ 1622)* |
| Laaschent | 19:00 | Mass |
| **Freideg, 10.01.2025** | | |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## Fest vun der Daf vum Jesus
## Fête du baptême du Seigneur

***1. Lies. Jes 40, 1-5.9-11; 2. Lies.: Tit 2, 11-14; 3, 4-7; Ev.: Lk 3, 15-16.21-22***

***« Ech deefen Iech elo mat Waasser, ma et kënnt een, dee méi staark ass, wéi ech… hien deeft iech mat hellegem Geescht a mat Feier (Lk 3,16)***

De Johannes breet d’Vollek op d’Komme vum Messias vir, deen vill méi grouss ass wéi hien. Deem seng Daf huet eng aner Qualitéit a Wierksamkeet. Si schenkt d’Verzeiung vun de Sënnen an Undeel um Liewen an der Kraaft vum Herrgott. Deen ass ass och de Riichter, deen déi Gutt belount an déi Béis bestrooft. Virun him muss ech mech entscheeden. Je nodeems op ech him d’Dier vu mengem Häerz opmaachen oder net, seng Gnod unhuelen oder net, riichten ech mech selwer.

| | | |
|---|---|---|
| **Samsdeg, 11.01.2025** | | |
| Veianen-TK | 15:00 | **Daf** vum Georgina Maria<br>an Christian Bona Ngandjeu Leuwat |
| Eesbech | 18:00 | Virowendmass |
| Branebuerg | 20:00 | ***Dräikinneksconcert*** mam Sängerbond Helvetia |
| **Sonndeg, 12.01.2025** | | |
| Furen | 09:00 | Mass fir Jean-Pierre Theis |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht**  |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |
| **Méindeg, 13.01.2025** | | **Heiliger Hilarius,** *Bischof von Poitiers (+ 397)* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 14.01.2025** | | |
| Holztem | 10:45 | Mass |
| Veianen-SB | 10:45 | Wuertgottesdéngscht |
| **Mëttwoch, 15.01.2025** | | |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| **Donneschdeg, 16.01.2025** | | |
| Longsdrëf | 19:00 | Mass fir d'Famill Vaessen-Schins |
| **Freideg, 17.01.2025** | | **Heiliger Antonius,**<br>*Mönchsvater in Ägypten (+ 356)* |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## Gebietswoch fir d'Eenheet vun den Chrëschten vum 18.-25. Januar 2025

## Semaine de prière pour l'unité des chrétiens du 18 au 25 janvier 2025

***Thema: „Glaubst du das?“ (Joh 11,26)***

***Thème: « Crois-tu cela ? » (Joh 11,26)***

# 2. Sonndeg am Liesjoer C

***1. Lies.: Jes 62, 1-5 ; 2. Lies.: 1 Kor 12, 4-11; Ev.: Joh 2, 1-11***

***Wéi kee Wäi méi do war, sot dem Jesus seng Mamm zu him:***
***« Si hu kee Wäi méi! »*** *(Joh 2,1-11)*

Dem Jesus seng Mamm ass opmierksam fir d'Suergen an d'Néit vun de Mënschen. Si fillt mat äis a si handelt. Dobäi huet si e grousst Vertrauen an de Jesus an a seng Fähegkeet, ze hëllefen. Obwuel seng Stonn nach net komm ass, geet de Jesus op hir Virsprooch an a setzt een Zeechen vu senger Herrlechkeet. Si gëtt den Dénger an eis nach e wichtege Rot mat op de Wee: Maacht dat wat hien iech seet! Loosse mir op d'Beispill vu Maria an op hirt Vertrauen an de Jesus kucken. Loosse mir och d'Suergen an d'Néit vun de Mënschen an äis eegen bei de Jesus bréngen an op hien lauschteren. Da geet äis d'Liewensfreed net aus a mir ginn wéi d'Jünger an eisem Glawen gestäerkt, wa mir dem Jesus seng Zeechen gesinn, déi hien haut duerch äis wirkt.

**Samsdeg, 18.01.2025**

| | | |
|---|---|---|
| Branebuerg | 19:00 | Virowendmass |

**Sonndeg, 19.01.2025**

| | | |
|---|---|---|
| Stolzebuerg | 09:00 | Mass |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Wuertgottesdéngscht |



Eng **Famill** sinn heescht och Gottesdéngscht **zesummen** ze feieren.
Also eng häerzlech Invitatioun fir d'**Familljemassen**.



Samsdes
**11**
Januar 25

# Gaudeamus Hodie

## $20^{00}$ Auer traditionellen Dräikinniksconcert an der Kierch zu Branebuerg

Et spillen a sangen:

Les musiciens de l´ensemble de guitare
de l´école de musique de la ville de Dudelange

an de

Sängerbond HELVETIA Gemeng Tandel

Direktioun: Serine Kachatryan an Jean-Yves Lorenzi
Uergel: Roger Recht

Nom Concert gemittlichen Ofschloss bäim Patt

HELVETIA SÄNGERBOND HELVETIA TANDEL

Tandel

ÉCOLE RÉGIONALE DE MUSIQUE
VILLE DE DUDELANGE


THE YOUNG SO(U)LS
CHRISTMAS
SPECIAL
21
DEZEMBER
2024
20:00 AUER
CENTRE CULTUREL
HOUSEN
FRAIEN ENTREE

# Baastenduerfer Musik

## CHRISTMAS MEMORIES

# Wanterconcert

Direktioun:
Maxim Volgin

**Samsdes, den 21. Dezember**

**um 19.30 Auer**

an der Kierch
zu Baastenduerf

Baastenduerfer Musik

lalux ASSURANCES
DKV Luxembourg
Agence Générale
Yves DESBORDES
124, Grand-Rue
L-9411 VIANDEN
Tel : 83 48 30 / 621 27 66 87

Reservatioun méiglich: Kierch / Gemengesall
jomiller@pt.lu / 691 835 377

# WANTERCONCERT
## VUAN DER VEINER MUSIK

**Samsdig**
**14. Dezember 2024**
**ëm 19:30 Auer**

**an der**
**TRINITARIERKIRICH**
**zu VEINEN**

fréien Entrée